

GENOVEVA.

Märchespill a 5 Akten
mat Reigen a Gesank.

P e r s o ' n e n :

Grôf S i e g f r i e d
GENOVEVA, seng Gemahlin
Schmerzensreich, hire Son, 6 Joer
NADINE, Beschliesserin um Schloss
V e r a
G e r d a Schlassjungfern
R o s a
A l i d a
D o d a, dem Vera seng Mamm
G r a g a, der Doda hir Schwester, eng Zauberin
L i n a, engem Knecht vum Schloss seng Fra
E l f e n : Wâsserelf
 Bâmelf
 Blummeneif
 Môsself

WICHTELCHER - HOFDAMMEN - PAGEN - en ENGEL

Den 1. a lèschten Akt spillt am Schloss
Den 2. 3. a 4. Akt spillen am Bösch.

1. A k t

Sall op dem Grof Siegfried senger Burg

1. S z e n

(Schlessjungfern sötzen beim Spannrad ze schaffen)

GERDA : (no enger Paus) Wo' bleiwt d'Vera haut nemmen eso' lîng?

ROSA : Ech wés et net, ech hun et nach net gesin.

ALIDA : Et huet nés en neit Liddchen gemât mat enger wonnersche'ner Melodie.

GERDA : Et kann nawell gutt komponere. Wo' sollet dat nemmen hir hun?

ROSA : Oh, an senger Familjen si ganz wonnerlech Leit.

ALIDA : Eng Schwester vun senger Mamm soll eso'guer eng Zauberin zo' Strosburg sin;

GERDA : Eng Zauberin;

ALIDA : Seng Mamm ass jo schon eng hallef Hex!

GERDA : We' kanns de so' schwätzen;

ALIDA : Et ass scho lîng ké Geheimnis me', dass se dem Golo, dém Weischnotz gehollef huet ons le'w Gräfin an d'Verdierwen an an den Do't ze dreiwen;

GERDA : (erfe'ert) Net me'gleich! D'Vera ass over net eso' be's.

ALIDA : Nén, hat ass ganz aus dèr Art geschlon! (d'Vera könnt vu lénks)

GERDA : Du bleiws haut lîng ewech!

ALIDA : Hues de dei Liddchen nach net fèrdeg?

ALLEGUERT : Jo, Vera, sang ons et!

VERA : Da lauschtert, t'ass eng sche'n an hémlech Melodie (passend Liddchen evtl.: We' meng Mamm nach huet gesponnen oder " Allzeit berét, Schwarzme'el S.27)

GERDA : We' sche'n (oder we' traureg) dat ausgét.

ALIDA : Schued, dass mer et nach net matsange können.

ROSA : Wuerfir geroden deng Lidder an der lèschter Zeit ömmer so' traureg?

VERA : Zönter dass ons le'f Gräfin do't ass, brengen ech ké löschtet me' fèrdeg.

ROSA : T'kann én dach over net ömmer traureg sin!

VERA : Dat schon, mé ech kann se net vergiessen. Ech hun se gesin mat hirem Könnchen um Arm. Ech hun se he'eren jameren a kreischen a konnt net höllefen. Nén, nén, et könnt mir nie me' aus dem Sönn.

ROSA : Du bass oemmer eso' geheimnisvoll, wans de vun onser Gräfin schwätz.

VERA : Ech droen vun hir en trauregt Erliewnes am Hèrz.

GERDA : Dann erziel ons et och.

VERA : Ech darf net. Ech hun hir versprach ze schweigen.

GERDA : Sie ass jo elo do't.

VERA : Grad ewell se do't ass, kann se mir net me' erlaben iech et ze soen.

GERDA : T'ass traureg! Zönter dass ons le'f Gräfin do't ass, schengt et we' wann eng schwe'er Wollek ons all nidderdrécke wöllt.

- ALIDA: An huet der gemierkt, den Hèr Grof gét ganz niddergeschlön dohir.
- VERA : En huet jo och all Grond derzo'. War sie him net eng gutt Fra? so' le'f an eso' einfach, an eso' fromm war se oemmer an der Kirch.
- ROSA : Jo....mé....awer....
- VERA : (erregt) Wat awer... also du gléws och wat dén Neischnotz vu Golo dorömmen verzielt huet? Ons allerle'fst Gräfin hätt hirem Mann d'Trei gebrach?
- ROSA : Durfir huet den Hèr Grof si e dach do't mache geloss, sie mam Könnechen.
- VERA : We' kanns du neamen eso' eppes denken an nach soen.
- ALIDA: Ech wés jo net, mé ech mengen haut denkt onsen Hèr Grof scho ganz anescht vun dèr Sâch. Ere'scht göscht hun ech hien a senger Kummer kreische gehe'ert an en huet geruff: Genoveva, wat hun ech mat dir gemacht. Du bass onschölleg. Ech eleng si Schold drun dass de d'Liewen hues misse lossen.
- GERDA: Wéss du dat och schon? Ech sollt jo eigentlech neischt verroden, mé d'Nadine huet mer gesot, d en Hèr Grof hätt schrecklech Gewössensböss well hien d'Sâch net gerichtlech önnersiche geloss huet.
- ALL : We' schrecklech!
- VERA : Mei Gott! O'ni Richter an o'ni Urtél. We' schrecklech!
- NADINE: (könnit opgeregt eran) Kanner, Kanner, lauschttert emol. E Bre'f, e Bre'f!
- ALL : E Bre'f? Vu wien?
- NADINE: Vun der Comtesse Genoveva!
- ALL : (allgemeng Oprégung) Wat?
- GERDA : Du hengs ons eng op?
- VERA : Wat sés de do?
- NADINE: T'ass scho we' ech soen. Den Hèr Grof huet döse Bre'f önnert senge Schreiwereien fond. Hien huet mir e gin fir dem ganzen Haus et ze verzielen. Hie selwer kann et net vun lauter Léd..
- VERA : Mei Geheimnis!
- GERDA : We' dat, Vera?
- VERA : Dé Bre'f hun ech missen aus dem Pridong an dem Hèr Grof sei Gemâch droen. D'Gräfin hat mer opgedroen, en önnert seng Schreiwereien ze léen.
- NADINE: An du hues nie e Wiertchen dervun gesot.
- VERA : Ech duerft net, sie hat mir et verbueden.
- ALL : Lies ons dé Bre'f, lies....
- NADINE: (liest) Gnädiger Herr: Lieber Gemahl! Nachdem man mir mitgeteilt hat, dass ich auf deinen Befehl hin morgen sterben werde, habe ich dir mit diesenwenigen Zeilen gute Nachtsagen wollen....
- GERDA : Né, (wöschit sech d'Aen) we' le'f schwätzt se nach bei all hirem Léd!
- NADINE: Lauschttert weider, et get nach me' traureg. "Ich bin zwar bereit zu sterben weil du mir es befiehst, gleichwohl fällt es mir sehr bitter, dass du mich unschuldigerweise zum Tode verdammst.

- VERA : Onschölleg, huet dir et he'eren?
- ALL : We' uereg.
- NADINE: So bezeuge ich denn, bei meinem Gotte, vor dessen Gericht ich morgen stehen werde, dass ich unschuldig bin. Ich verzeihe dir von ganzem Herzen. Diese letzten Zeilen schreibe ich mit zitternden Händen und mit Tränen in den Augen, weil mir der bevorstehende Tod das Herz mit Schrecken erfüllt. Ich verbleibe deine, bis in den Tod getreue und um der Treue willen verurteilte Genoveva.- Dât ass de Bre'f.
- ALL : (durchernén) We' schrecklech! Arem Gräfin an dat aremt Këndchen, we' traureg!
- NADINE: T'ass émol ze schlömm onsem Hèr Grof nozekucken! Op an ôf rennt hien am Zömmmer, e schle't sech mat de Feischt widder de Kapp a rífft voll Verzweiflung an engem fort hiren Numm a jeitzt no sengem Kand.
- VERA : Wat könnt en elo Fréd hun mat engem Be'fchen vu bâl 6 Joer
- GRAGA : (ass onbemierkt erakom a rífft) Ech war et, ech war et... (si erschrecken alleguer)
- GERDA : Mei Gott, wien ass de' schrecklech Fra do?
- GRAGA : Ech war et, ech war et....
- NADINE: (courage'ert) Wie bass du?
- GRAGA : Eng Zauberin vu Strossburg.
- ALL : Eng Zauberin?
- NADINE: Wat mechs du dann hei?
- GRAGA : Eñ muss bei den Hèr Grof?
- NADINE: Bei den Hèr Grof?
- GRAGA : Jo, ech muss! Ech muss him et soen: d'Genoveva war onschölleg!
- NADINE: (sprengt op se duer, de' aner erschrecken a komme me' no) Wo'hir wés du dat?
- GRAGA : Et frösst mir d'Hèrz wann ech drun denken. De Grof hat mech gefrot an ech hun hien an den Zauberspiegel kucke geloss! De Spigel hat se mam Drago gewisen!
- ALL : We' konnt dir eso' eppes machen!
- GRAGA : T'wor net wo'er, de Spigel hat gelun (verzweifelt)
- NADINE: De Spigel? Zenter we'ni kann e Spigel da schwetzen?!
- GRAGA : Ha, der Deiwel hat aus him geschwat!
- NADINE: (bekreitzt sech) Der Deiwel?....
- GRAGA : Jo, well ech sin dem Deiwel verschwur....
- ALL : Jesus Maria,....
- GRAGA : (jeitzt) rufft de' helleg Nimm'net, ech kann se net he'eren!
- NADINE: Du schrecklecht Framönsch, kuck dass de aus dem Schlass köns!
- GRAGA : Ech kann net, ech kann net, ech muss dem Grof et soen, sie ass onschölleg, an ech si schold drun, dass se do't gemacht go'f. Fe'ert mech bei de Grof.
- ALL : Fort, fort, si stét mam Deiwel am Bord. (all ôf)
- GRAGA : Ech war et, ech war et
- DODA : (könnst eran) Wat jeitzt du dann eso' duerch d'ganz Schlass. Kanns de denger Schwester emol net bonjour soen?
- GRAGA : Du, meng Schwester, du bass verflucht grad ewe' ech. Du bass schold um Genoveva sengem Do't, du an de Golo!....

- DODA : Òm Gotteswöllen, hal nemmen de Mond! Wat könnst du heihin fir al Geschichten erem opzewullen!
- GRAGA : Nén, ech sin net me' stöll, ech soen alles, ech gi bei de Grof. Ze vill lang schon hun ech geschwigen!
- DODA : Sief verstänneg, du dreiws ons alleguer an den Do't.
- GRAGA : Blutt fir Blutt! We' könnst du démols nemmen eso' eppes u-stiwelen!
- DODA : Du wars et jo!
- GRAGA : Ech si force'ert gin vum Gola, dém Deiwelsbrot. An du, du hues e bei mech geschéckt.
- DODA : Hien hat mech jo och eso' weit bruecht!
- GRAGA : Du häss dech sollen wieren!
- DODA : Mengs du, ech hätt mech net gewiert. Mé, we' mat Krallen hat e meng Se'l gepäkt, ech sin net me' vun em lass kom. Ech konnt em neischt ofschloen. Ech hat e jo och gezillt!
- GRAGA : (jeitzt) We' könnt elo nés iwert mech (Vera könnt lues eran)
- DODA : Hal se zo'. Du mechs jo d'ganz Schlass rebellesch!
- VERA : Dir könnt elo dach neischt me' verstoppen, Mamm. Lo könnt dach alles eraus.
- DODA : Wat mechs du hei? Wölls du ons un de Galge brengen?
- VERA : We' kont dir eso' eng schwe'er Schold op iech huelen?
- DODA : kömmer dech net òm ons a kuck dass de verschwönnst!
- VERA : Ech kann elo net me' schweigen. Ech soen alles wat ech wéss.
- GRAGA : Ech muss bei de Grof goen, ech muss (ôf)
- DODA : Ha, lo hu mer ausgespillt! (ôf)
- VERA : (riffet an d'Kulissen) Kommt, Kanner, dir braucht net me' ze fèrten.
- NADINE: Wat e schrecklechen Dag.
- ALIDA : D' Vergangenhét stét eröm op!
- ROSA : Eng Deiwelsfra, de' Hex do!
- GERDA : De' arem Gräfin. Wirkled onschölleg an dach do't gemacht!
- ROSA : An dat arem Kündchen! We' wärt den Ublék vun hirem Kand hirem Herz we' gedon hun!
- VERA : (traureg) Jo, nach haut kann ech dat Bild net vergiessen.
- NADINE: Oh, erzielt ons, we' dat démols wor! Lo kanns de jo schwätzen!
- VERA : Dén Dag e'er se do't gemacht go'f, hun ech se he'eren kreischen. Ech stung bei der Fönster vun hirem Pring an dat Kreischen huet mer d'Hèrz zerrass. Hart hun ech missen schluchzen. Dat hat ons Gräfin gehe'ert an so' hat se mech bemierkt. Kand, sot se du, ge' a mein Zömmmer bring mer Fieder, Tönt a Pobeier. Se'er hun ech dat gemat. We' se de Bre'f fèrdeg hat huet se mir e gin a gesot ech sollen önnert dem Hèr Grof seng Pabeiere léen, dass hien e könnt fannen, wann en nés zréckke'm. Si huet mech gebieden kengem e Wierdchen ze soen.
- NADINE: We' schlömm ass dat alles. De Grof war eso' lang fort an elo fönnt en de' Noricht vun hirer Onschold. An sie war eso' eng gutt Se'l. Ech mengen ech misst mei Liewen lang doriwer kreischen
- GERDA : Ech bleiwen net me' hei am Schlass!
- ROSA : Ech gin och hei fort!

- ALIDA: Ech och. Et könne keng gutt Géschter an dém Haus wunnen, wo' so' eppes Schlömmes konnt gesche'n.
- LINA: (könnt rechts eran. Médercher fuehren ausenén)
- GERDA: A wien ass dann dat do?
- LINA: Kennt dir mech net me'?
- ROSA: Erem eng Hex (wöllt fortlâfen)
- LINA: Dommt Geschwätz. Ech sin dach d'Lina, dem Klos seng Fra:
- ALL: D'Klosfra:
- LINA: Maja, Klosfra, dem Klos seng Fra. Dir huet dach kannt de Klos, mei gudde Mann.
- ALL: Secher, secher!
- LINA: Dir nach all wösst, we'ni hien ass gang fort vum Schloss?
- NADINE: Oh jo, ech wés et nach. Et war démols virun 6 Joer, we' d'Madame do'd gemat gin ass:
- LINA: Do'd...wat? ass sie do'd?
- NADINE: (traureg) Dir wösst dat dach eso' gutt we' mir!
- LINA: Ech hun et och gegléwt. Ech awer haut wéss, sie net do'd ass!
- NADINE: Klosfra: Wat sot dir do?
- LINA: (iwerzégt) Ech iech son, sie nach lieweg ass!
- ALIDA: Si mecht de Geck mat ons!
- LINA: Né, Kanner. Ech ké Geck machen, ech vun Do'dech kommen da mech é net Geck. Má Klos ass do'd.
- ALL: De Klos ass do'd?
- LINA: (wöscht s ech d'Lien) So' e gudde Mann, virgeschter hien ass do'd.
- NADINE: Dat déd ons awer léd:
- LINA: Ja, gutt Mann, mech huet oemmer gutt versuergt. (kreischt)
- NADINE: Wo'hir huet dir dann de' Noricht vun der Gräfin?
- GERDA: Soll dat alt wo'er sin?
- LINA: Gewöss wo'er ass. Ir meng Klos verschéd, hien zo' mir gesot: Ge' op Schloss a sés du, Genoveva net do'd ass!
- NADINE: Wo'hir wosst hien dat dann?
- LINA: Hie sollt machen démols Genoveva do'd:
- ALL: De Klos....
- LINA: Jo, hien an Jang. We' si du kommen sin an Bösch, wo' sollt do'd gemacht gin Genoveva mat Kand, huet sech hinnen eso' léd gedon a si geholl hun Juegdhonn a sech him erausgeschnidden Aen an Zong an hun Golo dat gebruecht an hien sech gléwt huet, Genoveva do't.
- NADINE: (voll Fréd) Ons Gräfin liewt also nach!
- LINA: Jo, a gro'ss deischer Bösch, niemt Mäfeld leit, Genoveva Klos a Jang versprach, nie me' ze goen op d'Schlass? Lo Klos stierwen, hien zo' mir sot: Ge' op d'Schlass a so Grof Beschéd. Ech lo goen bei Monsieur le Comte
- NADINE: (frédeg) Sie liewt, sie liewt. (et danzt mat engem frédeg ronderöm.) Ech mengen d'Fréd brengt mech öm.
- VERA: Ech komme mer es net zo'?
- GERDA: Wien hätt dat och geduecht. Wat solle mer elo machen?

- ROS. : Fir t'e'scht lafe mer durch d'ganz Schlass a ruffen:
d'Genoveva liewt, d'Genoveva liewt!
- NADINE: Gutt, du Rosa, léws bei de' aner Méd, du Gerda bei de Piech-
ter, d'Vera bei d'Wäschfraen an d'Alida an d'Ställ. Si
mussen et all direkt wössen. Kommt, Lina, ech fe'eren iech
bei den Hèr Grof, (si gin all zo' verschidden Seiten fort,
kleng Paus, dann he'ert én hannert der Bühn ruffen: sie liewt,
d'Gräfin Genoveva liewt.)
- GRAGA : (könnt hamen erbei vu rechts, mecht nach zrèck eng Fauscht
a rifft) Ha, du miserable Grof, dat bezills du mir! We' en
Hond hues de mech fortgejot we' ech wollt bereien wä ech
verschöllt.
- DOD. : Hues de he'eren? Sie liewt, si jeitzen d'ganz Schlass voll.
- GRAGA : Wie liewt?
- DOD. : Fir de's de gekrasch hues, dir de's de dech ukloe wars!
- GRAGA : (äussern sech) We' d'Genoveva liewt! Dann hätt ech mech
ömsoss. An de Grof...ah...
- DOD. : Wat huet e mat der gemacht?
- GRAGA : Mat der Hondsgessel huet e mech erausgejot a verbrenne
wöllt e mech an der Hexenheip.
- DOD. : T'schued der neischt! Wüerfir léfs de dann och we' ver-
réckt durch d'Schlass a jeitz eso' Sâchen an d'Welt eraus.
- GRAGA : Hues du eng Lhnung we' et mir dobanne brennt!
- DOD. : (spöttesch) A baussen wuel och vun der Hondsgessel!
- GRAGA : Mechs du nach de Spott mat mir?
- DOD. : Komm, sief net eso' kriddeleg. Hei lauert der Do't op ons.
- GRAGA : Ech muss mech fir t'e'scht rächen.
- DOD. : Ech hëllefen, awer net hei. Ech wéss e vill bessere Rot
(geheimnisvoll) We' könnte mir de Grof besser treffen we'...
(sét em eppes an d'O'er)
- GRAGA : Ha, en deiwelswirdege Plang (triumphierend)
- DOD. : Komm mat an de Bösch. Si soen, si war um Mäfeld.
- GRAGA : Jo, an de Bösch (rosen) an elo, Hèr Grof, eelo geisselen
ech dech (allen zwé lenks ôf)
- NADINE : (mat de Médercher) War der och iwerall hin?
- GERDA : T'wöllt kén et gléwen et ass ze vill onverhofft.
- ROS. : Si sin ausser sech vu Fréd!
- VERA : Wat sét dann den Hèr Grof?
- NADINE : Etwar ze vill vir hien. En ass a sengem Stull zesammen-
gebrach a rifft an engem Stéck; sie liewt, si liewt!
- GERDA : An elo?
- NADINE : Kanner, ech hätt e wonnerbare Plang, kommt....
- ALL : Wat dann, so ons et gleich!
- NADINE : Mir gin ons Gräfin sichen!
- ALL : Mir.....
- NADINE : Jo, grad mir!
- ALID. : In dé gro'ssen deischtere Bösch!
- NADINE : We' könnte mer se da scoss fannen?
- ALID. : Ma do wärt de Grof dach Männer huelen.
- NADINE : We' wa mir se net könnte fannen!
- ALL : Jo, dat ass eng Iddi.
- VERA : Kommt, bedenkt iech net lang. Et ass schued fir all Stonn, de'
ons le'w Gräfin nach an der Wildnis muss verbrennen! Kommt,
mir gin!

2. A K T

Am Bösch.- Op der Seit eng Quell, de' e klenge Wässerstand mecht. D'Genoveva sötzt op de Kne'en a griewt Wurzelen aus. Si huet iwert hirt âlt Gezei ént oder verschidden De' erfeller. Lâng Hoer rícht eran henken. De Schmerzensreich huet hallelf lânt Hoer an ass ganz mat Feller beklét. Si hun allebe'd keng Strömp a keng Schong un, hechstens och e Fell öm d'Fe'ss gestréckt.

GENOVEVA:(no enger Paus) Scho 6 mol huet de Bösch e neit Kléd kritt. Also 6 Joer, sechs lânter Joren sin ech scho verbannt, er-hale mech a mei Kandvu Kreider a vun der Möllech de' eng Hirschko'h ons all Dag brengt. We' soll dat viru gon? Wat mâchen ech mat mengem Kand wann et gre'sser ass? An dé Wurm, dén u mengem Hèrz frösst, onschölleg verurtélt ze sin, viru mengem Mann als Ehebrecherin ze gelten an durch hien zum Do't verurtélt ze sin. O Herrgott, komm mir zo' Höllef a menger de'wer No't an a mengen gro'ssen Suergen!

SCHMERZ:(könnt zur Seit eran eng Wurzel an der Hand) Hei, Mamma, eng gutt Wurzel, de' ass fir dech.

GENOV. :Né, mei Kand, de' ass fir dech.

SCHMERZ.:De' hei awer ass fir dech, Mamma.

GENOV. :(wöllt se an de Mond huelen, mecht et awer net) Komm, Schmerzensreich!

SCHMERZ.:Da muss du fir t'e'scht dra beissen, Mamma!

GENOV. :(beisst e Stéck of) Ei, dat schmacht gutt.

SCHMERZ.:Gelt, de' schmacht gutt, Mamma, göt et weider neischt fir z'iessen?

GENOV. :Fir ons net, mei Kand.

SCHMERZ.:Fir ons net? Gin et dann nach anerer we's du an ech?

GENOV. :O jo, mei Kand, baussend dem Bösch gin et nach vill Mönchen we's du an ech, gro'ss Heiser, an nach vill Sche'nes.

SCHMERZ.:Firwat gin mir dann net och dohin?

GENOV. :Mir müssen hei bleiwen.

SCHMERZ.:Firwat darn, Mamma?

GENOV. :Den Herrgott wöllt et eso' hun.

SCHMERZ.:Firwat wöllt onser Herrgott et dann eso' hun?

GENOV. :Fir dass mir him besser dengen können a spe'der bei hien an den Himmel könne kommen.

SCHMERZ.:(no kurzem Nodenken) Mamma, ech geng awer gären dohin, wo' de' aner Mönchen sin.

GENOV. :(dréckt en u sech)Mei le'ft Kand, et gét net, deng Mamma muss och hei bleiwen.

SCHMERZ.:O we' schued!

GENOV. :Le'wen Herrgott am Himmel! Du wés mei Léd mei gro'sse Schmierz(zum Kand) Bleiw hei, mei Kand. D'Mamma wés wo' vill se'ss Wurzele stin. Du kanns dann mat denge klenge Frönn, dem Hieschen an dem Kawéchelchen spillen.

SCHMERZ.:Et ass ként do, Mamma!

GENOV. :Hei, pass emol op. Du kanns hei kleng Steng an d'Wässer werfen (mecht et vir) dat mecht da plumps.(lues fort)

- SCHMERZ.: (werft och e Stengchen) Plumbs.
Wässerelf: (könnt aus dem Wässer) Wie werft mech do?
SCHMERZ.: O we' sche' bass du, we' héschs du?
Wässerelf: Wurfir werfs du mech?
SCHMERZ.: Hun ech dech geroden?
Wässerelf: Jo, duer matten op d'Nues.
SCHMERZ.: O weiss emol, ech blösen e we'neg, so' mecht d'Mamma et och oemmer.
Wässerelf: (lâcht) Ma du gefälls mir, Klengen (klatscht an d'Hänn et kommen nach aner Elfen)
SCHMERZ.: Né, wat sit dir sche'n?
Wässerelf: Komm, setz dech hir. Mir erzielen dir eppes (setzen sech)
SCHMERZ.: Da so mir awer och wiens du bass?
Wässerelf: Ech sin d'Wässerelf.
SCHMERZ.: Wat mechs du dann?
Wässerelf: Ech sötzen an der Quell do oennen, an ech blösen d'Wässer erop. Kuck, wat Blöse sprangen. Elo ass meng Schwesterchen an Gang ze blösen.
SCHMERZ.: O dat ass sche'n, a wie bass du?
Bâmelf: Ech sin d'Bâmelf.
SCHMERZ.: Wat mechs du dann?
Bâmelf: Ed muss am Fre'jor Blieder a Bém ustreichen, an am Hierscht muss ech Dännenzäpp a Buchakeren erof werfen.
SCHMERZ.: * So', bei ons stét awer nach e gro'sse Bam, do sin der nach vill drop, da kanns de mer de' emol erof werfen. Ech réchen dach net drun.
Bâmelf: Wo' ass dat dann?
SCHMERZ.: Ganz dohannen, wo' ech mat menger Mamm wunnen.
Bâmelf: Dohannen? Jo, dat ass mei Reve'er net?
SCHMERZ.: Ah so'. An du?
Blumenelf: Ed sin d'Blumenelf. Ech machen den Hunneg an d'Blummen, an ech wäschen all Mueren d'Blummen mat fröschem Da of.
SCHMERZ.: Abé, da mechs du menger Mamm oemmer vill Hunneg an d'Blummen, si ass nämlech fro' dermat. An du?
Mooself: Ech sin d'Mooself. Ed decken d'Steng an de' âl Bém mat Moos zo' fir dass se net sollen erfre'eren.
SCHMERZ.: Wat sit dir emol artled. Dohém hun ech der nach nie eso' gesin.
Wässerelf: We' héschs du dann?
SCHMERZ.: Ed héschen Schmerzereich a meng Mamma Genoveva.
Wässerelf: An dei Pappa?
SCHMERZ.: Mei Pappa? Ed hun dach ké Pappa, mé ech hun en Hirsch an e Wollef op dém ech reiden.
Wässerelf: Ma dann hues de jo flott Spillkomroden. Wölls de och mat ons spillen?
SCHMERZ.: Jo, wat könnt dir da spillen?
Bâmelf: Solle mir him emol en Danz opfe'eren?
All: O jo, jo!

SCHMERZ. : Wat macht dir elo?

Wässerelf: Bleiw nemme sche' s ötzen, dat geseis de geschwönn.

Bâmelf : Du muss d'Wichtelcher och ruffen.

Wässerelf: Wichtelcher, Wichtelcher, kommt t'ass e Kand!
(et kommen en etlech Wichtelcher op d'Bühn gesprongen
(Iwerdém stellen och d'Elfen sech op fir de Reigen.
(D'Wichtelcher sötzen sech rondöm op Bârstämm a wurze-
(len a kucken no)

ELFEREIGEN

SCHMERZ. : We' sche' könnt dir tanzen?

Wässerelf: An elo kommen d'Wichtelcher unnd'Reih. Alléhopp, röselt emol èr steif Bén e we'neg an da weist der wat der könnt)

WICHTELREIGEN

(me' plomp we' den Elfereigen, mé och gefälleg)

ELFEN : Hahaha! Dir könnt jo net tanzen. Lâchen aus! (Si mache mat d e Fangeren "lâchen aus" D'Wichtelcher lâche mat)

Wässerelf: Huuuh! Mönshen! husch, husch fort! (si lafen no alle Seiten fort) (Genoveva könnt eran)

SCHMERZ. : O Manma, wat hun ech elo eppes Sche'nes gesin?

GENOV. : Wat da mei Schof?

SCHMERZ. : Et waren Elfen a Wichtelcher bei mir. Si hu mat mir gespilt. Wässerelf héscht eng, an eng Bâmelf, an eng Blummenelf an de' lèscht...o dat hun ech elo vergiess. Awer si waren all eso' sche'n?

GENOV. : Dann has de jo eng gutt Gesellschaft, mé komm mir gin nach Wurzele sichen (allebe'd ôf - D'Médercher kommen vu rechts)

NADINE : So' elo si mir mötten am Bôsch. Elo héscht et sichen. Den Hèr Grof huet en he'ge Preis ausgesât fird én, dén d'Gräfin gif fannen. All Männer am Schlass sin ageruff gin fir höllefen ze sichen. Känner wa mir de' e'scht wären?

ROS. : Oh jo, de' gro'ss Belo'nung!

NADINE : Du topedht Kand. De' gre'sst Belo'nung wär dach d'Gräfin selwer.

GERDA : Dät bèscht ass mir verdélen ons hei zo' alle Seiten.

NADINE : Wie könnt dann do eso' se'er gelâf?

GERDA : D'Vera? Wahrhafteg et ass et!

VERA : Oh Känner, ech hun eng schlecht Nouvelle!

NADINE : Eng schlecht Nouvelle, da so et se'er!

VERA : D'Graga a meng Mamm, o wat eng Schân, hun eppes Be'ses vir. Der Deiwel, well et ka kén anere sin, huet meng Mamm derzo' bruecht, sech ganz dem Golo ze verschreiwen an elo könnt sie net me' vun him lass!

GERDA : An d'Zauberin?

NADINE : De' war dach voll Reih a ganz zerknirscht an d'Schlass komm!

VERA : De Grof huet se gestrôft we' si et verdengt huet an hir mam Do't gedrét. A meng arem Mamm, o et ass ze vill traureg fir mech (kreischt)

- NADINE: (tre'scht et) Komm Vera, kreisch net, du kanns jo net derfir, mir hun dech duerfir net manner gèr.
- VERA : Merci, Nadine. Lo musse mer awer ons le'f Gräfin ze retten sichen. Mir müssen virun dénen zwé hir Spur font hun. T'lèscht Nuecht hun ech si belauschert an hun erfuer wat si wölles sin. Si sin dun hémelech opgestanen afortgeschlach. Mir müssen d'Gräfin fannen ir eppes geschitt ass.
- NADINE: Jo, an dém Fall dèrfe mir kén Abléck verle'eren, komm mat mir sichen.
- VERA : Ech muss onbedengt dénen zwé noگوen a verhönneren dass se eppes Be'ses stichten.
- NADINE: Jo, mach dat (alles fort. Eng kleng Paus)
- GRAGA +
- DODA (kommen vun dèr anrer Seit)
- DODA : Wat ass geschitt? Wuerfir schwätzt de ké Wuert?
- GRAGA : Loss mech gewärden.
- DODA : Wat sichs de dann?
- GRAGA : Ste'er mech net!
- DODA : Da so mer nemme wat lass ass!
- GRAGA : (werft hiren Zauberstab durch d'Lûcht) Ha, ech sin hinen op der Spuer. Kuck hei. Spuren um Buedem, e klenge Fo'ss, e gro'sse Fo'ss. Vunder Mamm a vun Kand. Dat kan nômmen d'Gräfin mat hirem Kand sin!
- DODA : Der Deiwel wéss wo's de all de' Sâchen eraus fônnds!
- GRAGA : Soll ech dan ômsoss mat him am Bond sin. Hähähä!
- DODA : Elo gi mir se'er dôser Spuer no, dass mer se so' bal we' me'glech fannen.
- GRAGA : Direkt (sicht virun) hei gét d'Spuer virun - dann hei, an do...
- VERA : (könnit opgeregt eran) O Gott sei Dank, dass ech iech fannen.
- DODA : We'? Bass du hei am Bôsch? Mâch dech gleich nés hém!
- VERA : Mamm, ech kann net goen, echwés wat dir wölles hutt.
- DODA : Wat wéss du?
- VERA : Dir wöllt onser Gräfin, de' we' duerch e Wonner nach um Liewen ass e Léd undin? We' könnit dir nemmen eso' grausam sin? Ass et iech nach net Léd genug, wat iwer de' Frâ kom ass?
- DODA : Wat erlabs du dir? So' mat ons ze schwätzen!
- VERA : Scho lât wés ech, wat dir mat dém miserable Goli ge'nt ons Gräfin ausgehéckt huet. Bis elo hun ech de Mond gehal, well dir meng Mamm sidd. Mé elo kann ech net me' lât no kucken we' se vun iech verfolleht get. Mamm, dir sollt dach fro'h sin, dass den Herrgott dat Be'st, dat dir hir ugedon zum Gudden gewandt huet!
- DODA : Ech hun dat Be'st ugefangen, ech kann net me' zréck.
- VERA : Mamm, we' kanns du eso' schwätzen!
- DODA : Fort, fort, mâch dech aus mengem Aen!
- VERA : (hängt sech un d'Doda) Né, Mamm, ech gin net fort. All Leit kucken op mech a soen: dém do seng Mamm war et. Ech kann dat net länger erdroen!

- DODA : D'Genoveva dèrf net font ze gin, soss si mir alleguer verluer. Et duerf net wo'er sin, dass se nach liewt?
- VERA : Mamm, we' schrecklech. Da muss ech machen, wat e Kand nie dèrft ze machen, ech lossen dech fèsthuelen. Dem Grof seng Leit sin am Bösch, an hirer vill. Si sichen no der Gräfin?
- DODA : (reisst d'Graga mat virun) A wien se fir t'e'scht fönt, dé kann se begruewen? (allen zwo' fort)
- VERA : (verzweifelt) Mei Gott, mei Gott, wat soll ech machen? (ôf)
- GENOVEVA a SCHMERZENSREICH kommen no enger kurzer Paus mat Moos a machen sech e Nuetsléer. Et got lues a lues me' deischer)
- GENOV. : So' mei Kand, elo mache mir ons e Bett fir dös NUecht.
- SCHMERZ. : O jo, e gutt möllt Bette?
- GENOV. : Maja, dir dass du gutt schlofe kanns an drémen vun den Engelcher.
- SCHMERZ. : Du kriss och e gutt möllt, da kanns du och sche'n drémen.
- GENOV. : Geseis de, lo ass et scho fèrdeg. Lo ka mei Kand gutt schlofen.
- SCHMERZ. : Fir t'e'scht biede mer awer nach.
- GENOV. : Gewöss mei Kand. D'Mamma bied matt.
- SCHMERZ. : Vater unser, der du bist im....(stockt)
- GENOV. : Dajé, du kanns et dach.
- SCHMERZ. : Mamma, wien ass mei Papp?
- GENOV. : (schmerzlech an e bösschen zögernd) De le'wen Herrgott ass dei Papp.
- SCHMERZ. : Wo' ass hien dann?
- GENOV. : Am Himmel, bei den Engelcher.
- SCHMERZ. : Kennt mei Papp mech dann och?
- GENOV. : Gewöss kennt hien dech, mei Kand. An hien huet dech gèr.
- SCHMERZ. : Wann hien mech gèr huet wuerfir muss ech dann oemmer Wurzelen a Kreider iessen. De' schmachen net gutt?
- GENOV. : So' dèrfs du net schwätzen, Schmerzensreich. Onse Papp wés schon wat gutt fir ons ass.
- SCHMERZ. : (nodenklech) Mamma, hun ech da ké Papp hei am Bösch?
- GENOV. : (hölt en and'Aerm) Aremt Kand, dat verstés du nach net. Wanns du emol gro'ss bass, dann erzielen ech dir vun dengem Papp. Schlof elo mein Hèrz an drém sche'n.
- GENOVEVA: (Während si schwätzt get e Melodram gespielt) Le'wen Herrgott, ech bieten dech, mâch mengem Léd en Enn. könnt ech dach nemmen hém goen bei mei Mann an him soen: ech sin onschölleg. Bestömmt gif hie mech mat Fréden ophuelen. Net eleng fir mech, bieten ech, mé fir mei Kand. Göff him sei Papp eröm, dén et eso' ne'deg brauch (Iwerdém erschengt am Lichterkrantz en Engel) Mei Gott wat ass dat?

ENGEL: Geneveva, huel dat Kreiz hei un, dat den Himmel dir schéckt. Tre'scht dech un him, wanns de traureg bass an a Verzweiflung. Dat Kreiz soll dech beschützen ge'nt all weltlech Feinden. Et ass de Schlüssel dén dir émol d'Himmelsdir opspèrt. (Engel iwegöt d'Kreiz a verschwönt)

GENOVEVA: O bleiw hei, ech hun eso' villes ze froen.

ENGEL : Dat Kreiz get dir d'Entwert op all deng Froen!

GENOVEVA: (ergraff) Dat Kreiz get mir d'Entwert op all neng Froen. Merci, Herrgott fir dén Tro'scht. Nö uewen wöll ech weiderhin a mengem schwe'ren Léd de Bléck wenden wells du mir vun do Tro'scht versprach!
(kne't virum Kreiz, iwerdém gét de Rideau zo')

3. A K T

(Virun dem Geneveva senger Hiel, eng roh gezimmert Bänk, (doriwer dat Kreiz dat den Engel hir gin, e Kro'. Et ass öm (de Muergen, Graga an Doda kommen, de Spuren nokuckend eran)

GRAGA : Hei muss et sin (kuckt op) Richteg, hei ass eng Hiel an do e Wässerkro'

DODA : Endlech hu mer se? Wuerfir erfe'ers du eso'?

GRAGA : E Kreiz, e Kreiz?

DODA : E Kreiz?

GRAGA : E schrecklecht Zéchen!

DODA : Jéjé, du wärs dach net e bémol Angscht kre'en?

GRAGA : Ech, ech wés net...

DODA : Solle mir dann all de' Dég ömsoss am Bösch erem gelâf sin?

GRAGA : Ha, dat Kreiz do därf net ze sin!

DODA : Jéhop, lo net gezéckt. Wo' hues de de vergöften Dolch?

GRAGA : (zögernd) Hei...hei...

DODA : Da komm mat an d'Hiel eran.

GRAGA : Ech, ech kann net (ängschtlech)

DODA : A wuerfir dann net?

GRAGA : Dat...dat...Kreiz?

DODA : Kannerei? Wat hues du nemmen mat dém Kreiz?

GRAGA : Et le'st mech net lantscht!

DODA : Hahaha! Komm hir, ech machen et (et wöllt probe'eren, schreckt awer zréck) A wat ass dat? Ech kann och net!

GRAGA : Den Herrgoett beschützt se, doge'nt kann eso'guer den Deiwel neizchtman.

DODA : Eng s'che' Konscht de' grad do versét, wo' én se breicht. Et héscht elo entweder - oder. Wa mir et net gleich machen da fänken se ons. Scho we' oft war et op en Hor no geschitt!

GRAGA : Ewech a loss mech gewärden (zéchent 2 Krésser, lues, feierlech a beto'nt) Ewech, ewech göttleche Géscht - Deiwelsgesellen mech feireg ömkrést Kreiz a Gebied, verluer Höllef vum Här, sief fär...

DODA : (jeitzt) Öm Gotteswöllen, wat mechs du do?

- GRAGA : (wöll) Du? Wat schwätzt du elo dén Num aus. Elo ass de Bann gebrach, hal dein domme Mond zo', soss könne mer onverrichter Sâch hémgon? (röm feierlech, gespenstesch Beleuchtung) 1, 2, 3 Bann sief verbei. Ewech, ewech usw.
- DODA : Wat hues de lo gemach?
- GRAGA : Ech hun de Bösch befrot.
- DODA : Schrecklech.
- GRAGA : Net geziddert. Elo si mir Méschter.
- DODA : Wat wölls de machen?
- GRAGA : Geseis de dé Kreo' do?
- DODA : (duerchernén) Wo'? wo'?
- GRAGA : Dén do. Doraus drenkt se ganz secher. Elo din ech hir eppes dran, dass se nie me' duschtereg get. Elo muss ech nach Kreider sichen (geheimnisvoll) Stiefchen, Stiefchen hin an hir weis mech kreiz a weis mech quier? Aha, Tollkäschten a Nuechtschied (dréckt de' Kreider aus) So' elo könne mer ro'eg warden bis se dé lèschten Otemzug gedon. Do hannert dem Fiels ass eng deischer Platz an eng gutt Stopp. Do warde mer. Komm; (ôf)
- GENOVEVA a SCHMERZENSREICH kommen aus der Hiel. Schmerzereich reiwt sech d'A en.
- GENOV. : Hues de gutt geschlof mei Kand?
- SCHMERZ. : (streckt sech) Eso' gutt, Mamma!
- GENOV. : Ech mengen deng Guckelcher sin nach net richtig op. Ge'h lâf hurteg bei de Buer dohannen dech wäschen. Breng och nach e Kro' voll frösch Wässer mat.
- SCHMERZ. : Jo Mamma, ech lafen elo hurteg frösch Wässer sichen(of).
- GENOV. : (sötzt sech op d'Bänk) Aremt Kand; Wanns du we'sst we' krank deng Mamma ass. Ech spire we' meng Kräfte mech no an no verlössen. Herrgott höllef mer och dat Kreiz droen.
- SCHMERZ. : Hei sin ech erem, Mamma!
- GENOV. : Hues de dech dann och gewäsch?
- SCHMERZ. : Grad we's du gesot hues, Mamma. Edh hun haut awer keng Elf gesin?
- GENOV. : De' sin och net oemer do, de' schlofen am Enn nach!
- SCHMERZ. : Mamma, du wollis mir nach vu mengem Papp erzielen?
- GENOV. : (erfe'ert) Jo (vir sech) Edh muss et eso'guer geschwönn machen.
- SCHMERZ. : Wuerfir da geschwönn?
- GENOV. : D'Mamma ass vill krank, an du muss zum Herrgott bieten dass d'Mamma net nach me' krank göt.
- SCHMERZ. : O Mamma, du dèrfs net krank gin. Edh bieten och ganz vill (falt d'Hänn) Le'wen Herrgott mach mech fromm, dass ech an den Himmel komm, Göff och op meng Mamma uecht - Loss deng Engelen hale Wuecht.
- GENOV. : Du mei le'wt Kand?
- SCHMERZ. : Mamma, gi mir haut aus dem Bösch eraus, duer, wo' de' aner Mönchen sin?
- GENOV. : Fir t'e'scht musse mir nach Wurzele sichen, soss hu mir haut neischt z'iessen.

- SCHMERZ.: Gi mer dann duerno?
GENOV. : Arent Kand?
SCHMERZ.: Komm Mamma, drenk fir t'e'scht nach e besschen.
GENOV. : Drenk du vir t'e'scht.
SCHMERZ.: Eñ hu scho bei der Quell donidde gedronk.
GENOV. : Da korm hir (drenkt) Komm, mir gin elo Wurzele sichen(of)
(No enger Paus kommen d'Médercher eran.Si kucken a
(sichen ronderöm)
NADINE : Hei, Kanner, hei ass d'Spur?
GERDA : Hei dé kleng Fo'ss,hei dé gro'ssen?
ALIDA : Wa mir se fanne ge'wen?
NADINE : (weist op d'Hiel) Do wèrd sesecher drawunnen?
GERDA : So' muss et sin?
NADINE : Wat eng Fréd ons le'f Gräfin erem ze fannen.An hirt Kand?
We' fréen ech mech dat Könnchen ze gesin?
GERDA : Komm schnell an d'Hiel eran.
NADINE : (riffit an d'Hiel) Genoveva, Genoveva?
GERDA : He'ers du neischt?
NADINE : Nén?
GERDA : Ruff emol me' hart.
NADINE : Genoveva, Genoveva?
GERDA : Wat soll dat héschen?
ALIDA : Si wärd net hei sin.
NADINE : Solle mer emol agon?
ROSA : Eñ gi scho matt,(Nadine a Rosa gin eran, de' aner warden)
GERDA : Wat ass dobannen?
NADINE : (no enger Paus) O we' arem an traureg?
ROSA : We' armse'leg an traureg geseit et dobannen aus.E Bett
aus harde Reiser (si kommen eraus)
NADINE : En De'refell.
GERDA : Dat muss eñ och gesin? Alida, gés de mat?(gin eran)
NADINE : Wat muss eis Comtesse hei geliddén hun?
GERDA : (kommen eraus) Mei Gott, we' grugeleg?
ROSA : Kuckt emol dat Kreiz do. Dat hat mer net gesin. We' won-
nerbar et licht.
GERDA : Grad we' wannet schwätze wöllt.
ROSA : Wo' soll se dat nemmen hirhun?
NADINE : Schued, dass mer se hei net getraff hun.
GERDA : An elo?
NADINE : Dat bèscht ass wuel, mir warde bis dass se könnt.
GERDA : Wat get dat eng Fréd fir si, all hir Médercher op émol
hei ze fannen.
NADINE : Si könnt nach vu Fréd stierwen?
GERDA : Kuck do, d'Vera.

NADINE: Vera, mir hun hir Wunneng fond. Gan z armse'leg ass se:

VERA : Wo' ass d'Gräfin?

NADINE: Si war net an der Hiel.

VERA : O Gott, hätt dir se dach nemme fond?

NADINE: Brengs du erem eng schlecht Nouvelle?

VERA : Jo leider, Graga an Doda sin am Bösch. Si sin op onser Gräfin hirer Spuer.

NADINE: Haut ware mir awer de' e'scht am Bösch.

VERA : Ön Hallefnuecht si se scho fort. Ech sin hinnen nogeschlach mé ech hat hir Spuer verluer, ge'nt der Dag hun ech se eröm font an si fe'ert heihin. Huet dir se net gesin?

NADINE: Nén...

VERA : Da woren si also virun iech do?

NADINE: And 'Gräfin ass net hei. Wät soll dat bedeiten. D'wärt hir dach neischt passe'ert sin?

VERA : Mir müssen onbedengt nach eng Ke'er no hir kucken.

NADINE: Da se'er ir et ze spe't ass. All Minutt ass kostbar. Gitt dir dohin, mir gin hei eraus (ôf)

GENOV.: Et gét net me', ech sin do'dkrank, muss ech dann elo stierwen? muss ech fort vu mengem Kand? Herrgott, ech versprechen dir, nie me' verlängen ech aus der Wildnis eraus ze kommen, awer loss mech net stierwen, we'nt mengem Kand (schwäch) Herrgott, he'er mei Gô ied an hëllef mir.

SCHMERZ.: (könnt eragelaf) Mamma,, wo' bass du dann? Wuerfir bass du fortgang? (kuckt me' gené) Wät félt dir, Mamma?

GENOV. : Eñ si krank, mei Kand, vill krank?

SCHMERZ.: Eñ machen dech eröm gesond, Mamma?

GENOV. : Né, Kand, dat kannst du net. Eñ mengen, ech muss stierwen?

SCHMERZ.: (kreischt) da sin ech eleng?

GENOV. : Kreisch net, mei Kand. Hannert dem Bösch do leit e Schloss, do wunt dei Papp, de Grof Siegfried, Duer gés de wann ech do'd sin a sés him du wärs sei Kand.

SCHMERZ.: Né, Mamma, du dèrfs net fortgoen, mei Papp ge'f mech jo net kennen.

GENOV. : Dada, well du gleichs him, dass all Leit dech erkennen Dei Papp wés net wo' mir sin, hie mengt mir wieren do'd?

SCHMERZ.: (erschreckt)...mir wieren do'd?

GENOV. : Eñ muss dir alles erzielen: Dei Papp ass de Grof Siegfried. Hien huet vill Denger a Kniecht. E yun hinnen, de schlechte Golo huet eso' vill Be'ses vu mir gesot dass dei Papp et gegléwt a gesot huet, ech misst stierwen.

SCHMERZ.: Oh?

GENOV. : De' Männer de' mech do'd mache soliten, hate Matléd. Si hun dir a mir neischt gedon. Neamen, mir müssen am Bösch bleiwen so' lang we' mir liewen?

SCHMERZ.: Wuerfir dann?

GENOV. : Well dé be'se Golo nach liewt...Warm ech awer elo sollt stierwen, da kanns du aus dem Bösch goen bei dei Papp.

SCHMERZ.: Mamma, du darfs net stierwen, du darfs mech net eleng lossen.

GENOV. : (get him e Renk) Gef dengem Papp döse Renk; so him ech wär onschöllig. So dem Golo, deng Mamm hätt him verziehen.

SCHMERZ. (kreischt) Mamma?

GENOV. : Muttergottes, huel mei Kand...als dein Eigentum...fe'er et hém...erhäl et brav...dass ech et am Himmel...erömgessin...

SCHMERZ.: (kne't an der Mött vun der Bühn a bied) Himmelpapp, loss mir meng Mamm, ech wöll och oemmer ganz brav sin... (kreischt)
(Licht Musik hannert der Bühn. D'Elfe kommen eran a gesin dass d'Genoveva krank dolait)

Wässerelf: Se'er, se'er erbei dir kleng Böschgéschter (zur Blumenelf) Huel du d'Dröpsen aus der Quell mat Hunned derbei. (zur Mooself) du dat wonnerbart Kreitchen (zur Bâmelf) an du e Blummekielech (all ôf)

ELFEN : (no kurzer Paus) Hei de Blummekielech

Hei d'Wässer an den Hunned

Hei d'Wonnerkreitchen.

Wässerelf: T'e'scht d'Wässer an de Kielech (hält et an d'Lucht) Le'wer Herrgott sén et (zum Schmerzensreich) Schmerzensreich, kreisch net gef denger Mamm dat hei ze drenken.

(Elfen all fort.- Iwerdém get de Schmerzensreich senger Mamm ze drenken)

GENOV. : (drenkt a könnt lues a lues eröm zo'sech a kuckt verwonnert öm sech an dréckt voll Fréd an Dankbarkét hirt Kand un sech.- (Iwerdém gét de Rideau zo')

4. A K T
:~::~-::~-::~-::~-:::

GENOVEVA: (könnt vu lenks mat engem schwe're Lâscht Dännereiser an aner Planzen) So' elo röscht mer onst Kreiz ganz sche'n;

SCHMERZ.: Jo den Himmelpapp war eso' gutt ge'nt ons. En huet mer meng le'f Mamma erömgéschenkt.

GENOV. : Durfir wölle mir him sei Kreiz elo ganz sche' machen.

SCHMERZ.: Mamma, wuerfir hues du an der Hiel dobannen alles eröm frösch gemacht?

GENOV. : Mengs de wä I ech d'Mauren erem frösch mat Moos bekléd hun?

SCHMERZ.: Jo, Mamma.

GENOV. : Kuck, mei Kand we' ech eso' krank do lo'ch, o'ni Hoffnung jénols eröm gutt ze gin, du hun ech dem Herrgott versprach, an Zukunft alles gedölleg ze dron ganz gleich wat hien ons hei am Bösch u Batterem an Hardem och schécken ge'f, an oemmer hei ze bleiwen, nie me' fort ze begieren. Duerfir richten ech alles so' sche'n fir eng lang, lang Zeit?

SCHMERZ.: We' schued, ech gif awer gären mei Papp gesin?

- GENOVEVA.: Mei Gott, we' kann ech en hei halen elo dass en alles wéss?
- SCHMERZ.: Kann ech da guer net bei mei Papp an dat sche'nt Schloss goen?
- GENOVEVA.: Dach mei Kand, wann den Herrgott wöllt.
- SCHMERZ.: We'ni wöllt hien dann?
- GENOVEVA.: Datwés ech net mei Kand:
- SCHMERZ.: Duerf ech dann haut emol ganz weit an de Bösch goen?
- GENOV. : Wuerfir dann?
- SCHMERZ.: Fir ze gesin wo' mei Papp wunt. Villeicht geseit e mech an da verzielen ech him alles vun dém be'se Golo, an da könnt hien a fe'ert ons op d'Schlass.;;
- GENOV. : Da ge'h, laf a sprang. Fir mötteg muss de awer erem hei sin.
- SCHMERZ.: Jo Mamma. (ôf)
- GENOVEVA: O wat e schwe'ert Kreuz wärd ech ze droen hun elo wo' hien dat wéss. Wat soll ech nemme machen. Eh hu versprach hei ze bleiwen an ze leiden mei Liewe lang (sie ass fèrdeg ze röschen) So' dat hei soll e klenge merci sin fir deng Höllef a gro'sser No't (lauschtert op émoi) Wat eng Onro' ass haut am Bösch? Guer net we' soss. Wat soll dat sin?
- SCHMERZ.: (könnt ausser Otem gelaf) Mamm, Mamm, Mamm, ech hun eppes wonnersche'nes gesin.
- GENOVEVA: Wat hues de da gesin?
- SCHMERZ.: E ganz gro'ssen....(stockt)
- GENOVEVA: Wat dann?
- SCHMERZ.: E ganz gro'ssen...e ganz gro'ssen, so' we' ech. Awer en huet e feint Kléd un an e reit op engen gro'sse Wollef.
- GENOVEVA: (ausser sech) Wat soll dat nemme sin?
- SCHMERZ.: (kuckt bestänneg no lenks) An eis Hinda sprengt ganz wöll dohir, guer net we' soss.
- GENOVEVA: Wat huet dat De'er? Et göt verfollecht. Laf hurteg, dass him neischt geschitt.
- SCHMERZ.: Hinda komm, Hinda komm... (ôf)
- GENOVEVA: (eleng) Mei Gott wat gét am Bösch vir?
(GRAGA an DODA kommen hasteg eran)
- DODA : Do ass se, ha, si ass net do'd!
- GRGA: : Hues du net aus dém Kro' gedronk?
- GENOVEVA: (ausser sech) Mönchen, Mönchen! Kommt dass ech i ech ömärbelen, wat e sche'ne Moment. Eh gesin erem Mönche no lange, lange Joren. Kommt u mein Hierz wien der och sitt (léft op se duer)
- DODA : Fort, fort.
- GENOVEVA: (erschreckt) Wat sés du?
- DODA : Stierwe musst du?
- GENOVEVA: Wien...ech? Wien bass du, wat hun ech dir gedon?
- DODA : Kennst du d'Erzieherin vum Golo net me'?
- GENOVEVA: (firt zréck) Doda?
- DODA : Jo, de' sin ech. Démols bass du ons entkom. Haut musst du stierwen.

- GENOVE. : Dausendmol sin ech scho gestuerwen an déne siewe Joer. An elo, de' e'scht Mönchen de' ech eröm gesin, wölle mech ömbrengen?
- DODA : Fir ze lamente'eren hu mer elo keng Zeit. Graga, allshepp virun,
- GRAGA : Hues du net aus dem Kro' gedronk?
- GENOV. : Gowöss, firwat frés de mech dat?
- GRAGA : An du bass net gestuerwen?
- GENOV. : Gottes Engelen hu mech gerett.
- GRAGA : De' Ke'er awer net me' (wöllt sech op d'Genoveva stirzen) (Vera könnert derteschent a reisst dem Graga den Dolch aus der Hand)
- VERA : Halt, net virun.
- GRAGA an DODA: (erschreckt) Eröm en Engel! Ha....
- VERA : (werft sech dem Genoveva zo' Fe'ss) Gerett Comtesse, gerett.
- GENOV. : (ganz bewegt) Ech begreifen vun alldém neischt.
- VERA : Comtesse, losst Iech herzlech begre'ssen. Mir hun no iech gesicht an ech, glécklecht Kand duerft dat e'scht sin.
- GENOV. : (hiewt d'Vera op) Wie bass du?
- VERA : Ech sin d'Vera démols nach e Kand. Ech hat iech Fieder an Tönt bruecht fir de Bre'f ze schreiwen.
- GENOV. : Vera, le'ft gutt Kand, du bass et (ze't et u sech)
- DODA : Solle mer nach lang hei nokucken?
- VERA : Kommt nemmen. Ech verdédegen ons Gräfin mat mengem égenen Blut.
- DODA : Du....
- VERA : Gütt nemmen, gitt. Ert schwarz Spill ass verluer. Häscher sin um Wés fir iech festzehuelen.
- GRAGA : Vera, Ha, verflucht du..(se'er ôf)
- GENOV. : Wat gét haut hei am Bösch vir?
- VERA : Ganzt Schlass ass op de Bén fir iech ze sichen.
- GENOV. : Mech?
- VERA : Jo, iech, Comtesse?
- GENOV. : An den Hèr Grof, mei Mann?
- VERA : Den Hèr Grof selwer huet ons d'Uerder gin.
- GENOV. : Du sés hien, hie selwer?
- VERA : Jo, well den Hèr Grof Iech als onschölleg erkannt huet? Hien huet sech bäl blann gekrasch.
- GENOV. : Hien - huet - mech als onschölleg erkannt (op de Kne'en) Herrgott we' soll ech dir merci soen. All Léd a Misär huet elo en Ehn.
- VERA : Et ass dé gudde Klos dén iech sollt hirichten, dén um Stierwbett senger Frâ d'Uerder gin huet, unverzüglech dem Hèr Grof matzedélen dass dir nach um Liewe wärt. A gleich huet den Hèr Grof voller Fréd dem ganze Schlass opgedron, no iech ze sichen. Mir, èr trei Médercher, wollten de' e'scht sin de' iech d'Hand kossen därfen (kösst hir d'Hand)
- GENOV. : Du le'wt, gutt Kand. Wuerfir wollten de' zwo' dann mein Do'd?
- VERA : Le'w Gräfin. Elo an döser Stonn net dowun schwätzen, eng aner Ke'er erzielen ech iech alles. Ech hat hire be'se Plang entdeckt a sin hinnen Déglang nogeschlach. Bäl wär ech ze spe't komm. Mé elo sidd dir gerett!

- GENOV.: Kand we' soll ech dir jé danken fir dat wats du fir mech gemacht.
- SCHMERZ.: (könnt eragelaf) Mamma, Mamma, ganz gro'ss Elfen kommen (geseit d'Vera a wöllt sech hanner seng Mamm verstoppen) Eñ fèrten?
- VERA : A ss dat de jonge Grof?
- GENOV. : Jo, dat ass mei Kand. Komm Schmerzensreich, göf dem Vera d'Hand! Komm, Vera dét der neischt. (get zögernd d'Hand)
- NADINE an de' aner kommen eran a werfen sech dem Genoveva zo' Fe'ss. D'Nadine kösst hirt d'Hand.)
- NADINE : O Comtesse, Genoveva! Kennt dir ons net me'?
- GENOV. : We' hätt ech dech vergiesse können, Nadine. An du, bass d'Gerda? We' gro'ss bass du gin. An du, Alida! Oemmer nach de' gekrauselte Kapp. Deñ kennen ech och nach, Rosa (get en all d'Hand) De' Fréd, et ass ze vill et ass ze vill. Ass et da wirklech wo'er. Eñ kann et bal net gléwen.
- NADINE : Comtesse, dir sidd als onschölleg erkannt a mir dèrfen iech als e'scht bei den Hèr Grof fe'eren.
- SCHMERZ.: Dèrf ech da mat gon, Mamma? (d'Médercher gesin elo er'scht de Schmerzensreich)
- A l l : Ohhhhhh!
- GENOV. : Dat ass mei le'wt Kand, Schmerzensreich, gef hinnen all deng Hand (mech et nach ömmer ängschtlich)
- SCHMERZ.: Sitt dir awer gro'ss Elfen!
- NADINE : Wä si mir?
- SCHMERZ.: Gro'ss Elfen. Hei am Bösch sin der och, awer vill me' klenger! (si lachen all)
- GENOV. : En huet ausser mir nach ké Mönsch gesin?
- SCHMERZ.: Huet dir mei Papp net gesin. En héscht Siegfried a wunt an engen gro'sse Schlass.
- NADINE : Mir kennen dei Papp gutt a wunne bei him um Schlass!
- SCHMERZ.: Dan huet mech mat dohin. Ech ge'f och gär mei Papp gesin.
- NADINE : T'ass wo'er, vu lauter Fréd vergiesse mir nach dat Wichtigst, Kommt, Comtesse, mir fe'eren iech hém! (Genoveva deckt sech d'Aen mat der Hand zo') Comtesse, wat félt iech?
- GERDA : De' vil; Fréd huet se secher ugegraff!
- GENOV. : Mei Versprieche... (zögernd) ..ech kann net...
- A l l : We' wat?..
- GENOV. : Ech hun onser Herrgott versprach mei Liewe lang hei ze bleiwen?
- NADINE : Comtesse, ech verstin iech net!
- GENOV. : Haut sin ech eren eng Ke'er op wonnerbar Weis gerett gin, all de' Joren huet hie mech beschützt ge'nt Krankhét a mir gehollef all Léd gedölleg ze droen!
- NADINE : Comtesse, dir gehe'ert net me' iech eleng, mé dem Hèr Grof an èrè klenge Schmerzensreich an nê zo'lèscht och ons.
- VERA : (kuckt an de Bösch) Do könnt jo och den Här Grof geridden. Wuerfir zéckt der nach?
- SCHMERZ.: Wo'? wo'?

V e r a: (weist) Dohannen, kuck do (Schmerz. of, könnt awer gleich ganz ängstlech eröm)

NADINE : Kommt, Comtesse, kommt....

(Vera an de' aner ruffen duerchernén; Här Grof, heihin ..
{ hei...e puer lafen him entge'nt. So'bal de Grof optried
{ ze'en d'Médercher sech zereck, so' dass nömme d'Genoveva
(de Schmerzensreich an de Grof op der Bühn sin)

SIEGFRIED: Genoveva; (fällt hir zo' Fe'ss a kösst hir d'Hand)
Kanns du mir verzeihen?

GENOVEVA: Vun Herzen gär hun ech dir scho lang verziehen. Dat
Lét vun déné Joren huet ons Se'le geläutert an ons nach
inniger unenégebonnen.

SIEGFRIED: Merci firdat Wuert? (Genov. zit e vun de Kne'en op)

GENOVEVA : Hei ass onse Son, de Schmerzensreich.

SIEGFRIED: (höit mat dem engem Arm d'Genoveva, mat dem aneren Arm
de Schmerzensreich an dréckt se un sech)
Dir meng Le'w, neischt me' soll ons furder trennen we'
den Do't:

R i d e a u

5. A K T

(E Sall an der Burg. D'Médercher sin dermat beschäftigt den Tro'n
{ ze röschten. Si sin all a festleche Kléder. Et könnt nemmen eng
{ möttelalterlech Truecht a Fro, och an dénen e'schten Akten. D'Geno-
(veva ass ganz fürstlech gekléd och de Schmerzensreich)

GERDA : Wat get dat e Frédefest haut. So' ént ass an der ganzer
Ge'gend nach ként gefeiert gin.

SCHMERZ.: (könt mat engem Stéck Kuch eran) Wat macht dir do?

GERDA : Mir machen alles sche'n.

SCHMERZ.: Wuerfir?

GERDA : Well mir fro'h sin dass du mat denger Mamma erëm hei sitt.

SCHMERZ.: (weist op den Tro'n) Wat ass dat do?

GERDA : Dat ass en Tro'n

SCHMERZ.: Wuerfir ass dé'n?

GERDA : Dodrop sollen deng Mamma a dei Pappa sech sötzen.

SCHMERZ.: A wuer kommen ech?

GERDA : (weist) Hei, niewent deng Mamma.

SCHMERZ.: An dann?

GERDA : Da get e gro'sst Spill zo' E'ren vun denger Mamm opgefert

SCHMERZ.: E Spill. O, da spillen ech och mat!

GERDA : Dät gét net.

SCHMERZ.: Wuerfir net. Ech hun och am Bösch mat den Elfe gespielt.

GERDA : Dat hei Spill mus lang geübt sin ir én et kann.

SCHMERZ.: Ah so'. We'ni fängt dirdann un? (Burgklack laut)

GERDA : He'ers de, elo lau d'Klack schon (zo' de Médercher) Lét
nach se'er den Teppesch heihin. (si machen et)

- NADINE : Ass elo alles an der Reih?
- GERDA : Jo op der Minutt.
- NADINE : Da gi mir elo gleich d'Comtesse an den Haff ofhuelen, do stelle mer ons op. (zum Schmerz.) Komm, Schmerzensr.
- SCHMERZ. : Gét et elo un?
- GERDA : Jo, elo fänkt et un (ôf)
- NADINE : (ste'sst beim erausgoen op d'Vera) Oammer mach eso' traureg, Vera?
- VERA : Wat d'Stonn vum Fest me' no könnt, wat mein Hèrz me' traureg get.
- NADINE : A grad dir, verdanke mir döst Fest, Häss du démols net de Bre'f besuert häss du net eso' onermiddlech gehollef sichen, wie wés op mir ons le'f Gräfin naß lieweg fond hätten!
- VERA : * Wd huet et mech awer alles kascht? (kreischt) Meng Mamm am Prinsg - durch mech!
- NADINE : Arent Vera!
- VERA : (kreischt) an zum Do'd condanne'ert - durch mech!
(kreischt)
- NADINE : Courage, Vera, courage. Du wärs gesin, et wend dach nach alles sech zum Gudden (Burgklack laut) Elo musse mer awer se'er goen (ôf)
- FESTZUG : Alida, Rosa, Gerda, Vera, 2 kleng Médercher, Nadine, Hofdammen, Pagen, Schmerzensreich, Gæ oveva an de Grof. Passend Lidd oder Marschmusik. 2 kleng Médercher soen e Begre'sseungssproch a réchen der Genoveva Blumen.)
- GENOVEVA : Merci dir le'f Kanner. (Grof a Gräfin setzen sech. Dann e Reigen vum Rosa, Gerda, Alida, Vera evtl. 2 Kanner)
- GENOVEVA : We' kann ech iech all merci soen, an iech belo'nen fir alles wat dir gedon. No Léd an Trauer schengt erem d'Sonn. Haut ass mein Herz voll Fréd a Le'ft. Dem Herrgott danken ech fir t'e'scht, dat hie mei Gebied erhe'ert an ons nés hém gefe'ert huet. An iech all soen ech merci fir èr Trei an èr Unhängechkét.
- A L L : Vive ons Gräfin. Ons Gräfin soll liewon, He'ch, he'ch, he'ch.
- GENOV. : Nu wöll ech aw er zwéen eng besonnesch Gonscht erweisen fir hir Dengschter, Lina!
- LINA : (werft sech dem Gen. zo' Fe'ssen)
- SIEGF. : Lina, wells du eso' eng gutt Nouvelle bruecht hues, a well dei Mann eso' gutt ge'nt d'Gräfin gehandelt huet, wöll ech dech elo belo'nen, dech an deng Kanner.
- GENOV. : Heimat iwergin mir dir e Landgutt als dein Eigentum fir örmer (uwerrécht him eng Urkund)
- LINA : Ze vill, ze vill le'f Comtesse! (kösst hir d'Hand)
- GENOV. : Net genuch fir èr Trei!
- SIEGF. : An elo soll d'Vera virtrieden!
- VERA : (könnt traureg ervir)

